LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung, Här Claude Meisch op d'parlamentaresch Fro n°2344 vum 19. Mai 2025 vum Här Deputéierten Sven Clement betreffend d' « Publicité de la SNHBM sur une radio belge ».**

Déi betreffend Campagne war dem Projet Elmen gewidmet. Elmen ass en neit Duerf dat am Bau ass zu Olm, an der Gemeng Kielen, no bei der belsch-lëtzebuergescher Grenz. Fir eng breet Visibilitéit wärend der Porte ouverte ze garantéieren an d'Zilgruppen z'erreechen, goufen e puer Kommunikatiounskanäler benotzt.

- Invitatioune goufen un déi Leit geschéckt déi bei eis ageschriwwe si fir eng Wunneng an dëser Géigend zu kafen;
- Geziilt digital Campagnen;
- Radiospots a verschiddene Sproochen op verschiddenen Radiosender.

Zil ass d'gesamt Populatioun ze erreechen och Mënschen, déi an d'Ausland geplënnert sinn oder all Dag heihinner schaffe kommen. Dofir si verschidde Medien a verschidde Sprooche benotzt ginn.

D'"Journée Porte Ouverte“, deeër hirt Zil et war, d'urbanistescht Konzept vun Elmen duerch guidéiert Visitten ze erklären, an déi verschidden Zorte vun Eefamilljenhaiser ze presentéieren, huet e Samschdeg, de 17. Mee 2025, stattfonnt a war e grousse Succès.

1. **Wat sinn d'Grënn, firwat d'SNHBM op engem belsche Radiosender Reklamme schalt? Ginn och op aneren auslännesche Chaînë Reklamm fir dëse Wunnprojet gemaach?**

Am Kader vun der Porte Ouverte wollt d'SNHBM d'Evenement op eng Manéier communizéieren, déi e breede Publikum erreecht.

Dofir goufe Radiospots op verschidde Sprooche produzéiert, baséiert op geziilte Profiller:

- Zu Lëtzebuerg
  - E Radiospot op Lëtzebuergesch, op RTL Radio Lëtzebuerg;
  - E Radiospot op Franséisch, op l'essentiel Radio
  - E Radiospot op Englesch, op Today Radio Luxembourg

- Belsch Radiosender, déi am Grenzgebitt aktiv sinn
    - E Radiospot op Franséisch, op Vivacité/Classic 21

Déi ausgewielte Kommunikatiounskanäler baséieren op der direkter geographescher Noperschaft, nämlech der Belsch, déi e bedeitende Prozentsaz vu Grenzgänger huet.

**2. Wéi héich sinn d'Käschte fir dës Reklamm-Campagne?**

D'Käschte fir dës Kommunikatiounscampagne, déi sozial Medien a Radiospots op de fënnef Radioskanäler enthält, belafen sech op ongeféier 30.000 €.

**3. Wéi eng Zilgrupp soll mat dëser spezieller Reklamm-Strategie erreecht ginn?**

D'Wiel vun den Distributiounskanäler baséiert haaptsächlech op der primärer Zilgrupp vun der Campagne, besonnesch déi, déi warscheinlech un dësem Projet interesséiert sinn, nämlech **Awunner vu Lëtzebuerg**, mä och **Grenzgänger**, déi zu Lëtzebuerg schaffen, oder fréier lëtzebuerger Awunner, déi sou op d'Méiglechkeet opmierksam kéinte ginn, an d'Land zréckzekommen, dank engem bezuelbare, nohaltege Projet, dee vun engem ëffentleche Promoteur ënnerstëtzt gëtt.

**4. Ass dëst Deel vun enger méi breeder Strategie, fir och Leit aus dem Ausland fir Wunnenge vun der SNHBM zu Lëtzebuerg unzezéien?**

**5. Wéi steet dëst am Aklang mat der primärer Missioun vun der SNHBM, bezuelbare Wunnraum fir d'Lëtzebuerger Residenten ze schafen?**

Zil ass d'gesamt Populatioun ze erreechen, dofir verschidde Medien a verschidde Sproochen. Och Mënschen, déi an d'Ausland geplënnert sinn oder all Dag heihinner schaffe kommen.

Dëst entsprécht der Missioun vun der SNHBM, bezuelbare Wunnraum op nationalem Niveau ze schafen an ze verwalten. an op eng lokal Realitéit ze reagéieren.

Lëtzebuerg, den 19. Juni 2025
Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung
(s.) Claude Meisch